

Evangelium vum 4. Adventssondeg (Joer C)

Lk 1,39-45

G. *Den Här sief mat iech all.*

A. *An och mat lech.*

G. *Aus dem hellegen Evangelium nom Lukas.*

A. *Dir all Éier, Här.*

- 39 An deenen Deeg huet d'Maria sech op de Wee gemach
an sech geflass,
fir an eng Stad an de Bierger vu Judäa ze goen.
- 40 Do ass si an dem Zacharias säin Haus eragaang,
an si huet d'Elisabeth begréisst.
- 41 Wéi d'Elisabeth der Maria hire Grouss héieren huet,
ass et geschitt, datt d'Kand an hirem Schouss sech beweegt huet
an datt d'Elisabeth vun hellegem Geescht erfëllt gouf.
- 42 Si huet haart geruff:
"Geseent bass du ënner de Fraen,
a geseent ass d'Fruucht an dengem Schouss!
- 43 Wie sinn ech, datt mengem Här seng Mamm bei mech kënnt?
- 44 Well kuck, wéi ech däi Grouss héieren hunn,
huet d'Kand a mengem Schouss sech vu Freed beweegt.
- 45 Glécklech ass déi Fra,
déi gleeft huet, datt dat an Erfëllung geet,
wat hir vum Här gesot gouf!"

G. *Evangelium vun eiser Här Jesus Christus.*

A. *Dech, Christus, luewe mir.*